N° 7532
Entrée le 15.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 7532 vum 30. Januar 2023 vum Här Deputéierten André Bauler.**

*Wéi vill Accidenter sinn op dëser Streck tëscht 2015 an haut gezielt ginn? Wéi dacks waren dës duerch ze héich Vitess bedéngt? Wéi dacks duerch iwwerméissegen Alkoholkonsum?*

Op der Streck tëscht Groussbus an der Hierheck (N12) goufe säit 2015 7 Accidenter wéinst ze héijer oder net adaptéierter Vitesse gezielt:

- 2015: 1 schwéiert Accident bei deem e Motocyclist schwéier verwonnt ginn ass.
- 2018: 2 déidlech Accidenter wou Autoen an e Bam gerannt sinn.
- 2021: 1 schwéiert Accident bei deem en Auto an e Bam gerannt ass.
- 2022 (provisoresch Zuelen): 1 déidlechen Accident wou en Automobilist an e Bam gerannt ass, 1 schwéiert Accident wou e Motocyclist an en Hindernis gerannt ass an 1 Autosaccident mat engem liicht Blesséierten.

An der polizeilecher Datebank ass een Accident duerch iwwerméissegen Alkoholkonsum opgefouert, an dëst am Joer 2022.

*Mat wat fir enge konkrete Moossname kéint een d'Automobiliste sensibiliséiere fir op dëser Streck méi verantwortlech ze fueren?*

An der Vergaangenheet huet d'Stroossebauverwaltung schonn eng Rëtsch Moossname geholl fir d'Sécherheet an d'Visibilitéit op der Nationalstrooss N12 ze verbesseren. Dëst ënnert anerem am Kader vun engem ëmfangräiche Sécherheetsaudit, op Grond vun dësem d'Beschëlderung verstäerkt gouf a plazeweis Leitplanken amenagéiert gi sinn. Zousätzlech zu dëse Mesurë sinn och Beem, respektiv Hecken, laanscht d'Strooss wechgeholl ginn.

Zousätzlech zu den präventiven a repressive Kontrollen, déi vun der Police duerchgefouert ginn, ass am Joer 2019 ee Radar um Flouernumm ''op der Léier'' opgestallt ginn.

Ze bemierken ass, datt nieft all den Efforten, déi um Niveau vun der Infrastruktur ënnerholl ginn, d'Chauffere gebiede sinn hir Fuerweis entspriechend der Verkéierssituatioun unzepassen an Responsabilitéit am Stroosseverkéier z'iwwerhuelen, fir geféierlech Situatiounen ze vermeiden.

*<u>Gëtt et eventuell plazeweis och ee Problem mat der Qualitéit vum Belag?</u>*

Ganz dovunner ofgesinn dat dësen am Joer 2021 zum Deel nei gemaach ginn ass, ass de Belag op der Nationalstrooss N12 am Allgemengen an engem relativ gudden Zoustand.

Dozou kënnt, datt déi zoustänneg Cantonniere vun de Regionalservicer systematesch Kontrolle vun de Stroossen maachen andeems se hir Strecke reegelméisseg offueren.

Unhand vun dëse Kontrolle ginn eventuell Onreegelméissegkeete mat Zäite gesinn.

Lëtzebuerg, de 15. Mäerz 2023.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch